ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an den Här Justizminister weiderzeleeden.

De biometresche Pass ass jo een Element vun de Sécherheetsmesuren, déi deelweis vun den USA imposéiert gi sinn. Tatsächlech ass de Pass jo och mat de Fangerofdréck vu sengem Proprietaire verknäppt. A bei der Arees an d'USA kritt all Passagéier nach eng Kéier d'Fangerofdréck geholl. Doraus ergi sech eng Rëtsch Froen, déi ech wollt den Häre Baussen- a Justizminister stellen:

1. Wou sinn d'Fangerofdréck, déi ee fir säi Pass muss ofginn, gespäichert? Wie geréiert eng eventuell Datebank, wien huet Zougréff drop a wie suergt duerfir, datt déi Donnéeën an d'Privatsphär vum Bierger geschützt sinn?
2. Ginn déi biometresch Donnéeën ieren exklusiv um Reesdokument gespäichert? Wa jo, wéi kann ee Bierger kontrolléieren, dat dat tatsächlech esou ass?
3. Huet d'US-Douane Accès op eng Lëtzebuerger Datebank oder vergläicht si d'Fangerofdréck, déi bei der Arees geholl ginn, nëmme mat Daten, déi um Pass selwer ze fanne sinn?
4. Weess d'Lëtzebuerger Regierung, wou a wéi laang Fangerofdréck vun hire Bierger, déi an d'USA areesen, do gespäichert ginn an fir watfir Zwecker se do vu wéi engen Administratiounen kënne gebraucht ginn?
5. Wéi wäit kënne Fangerofdréck, déi fir d'Erstelle vun engem Pass geholl si ginn, an enger Ermëttlung vun der Police gebraucht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten